## Nuit des musées

## 11. Oktober 2014

Léiw Frënn vum natur musée

Wéi all Joer, proposéiere mir Iech e gemeinsamen a gefouerten Tour duer d'Muséeë vun der Stad Lëtzebuerg, zesummegesat aus den Haaptmanifestatiounen vum Owend.

**Rendez-vous bei der Villa Vauban virun 18.00 Auer** *(sidd w.e.g. pünktlech!)*

**Programm:**



**18.00 Auer:** Visite guidée vun der Ausstellung **:** ***Une passion royale pour l'art.*** Guillaume II des Pays-Bas et Anna Pavlovna

Der Villa Vauban as et gelongen en Deel vun der impressionanter Billersammlung vum Wëllem II, déi duerch d'ganz Welt verspreet as, fir dës emoleg Ausstellung zesummen ze kréien. .

**19.30 Auer:** no engem klengen Apperitif mache mir eis zu Fouss op de Wee bei de Geschichts- a Konschtmusée um Fëschmaart

**20.15 Auer**: ***Imperium Romanum***: eng ganz au++ssergewéinlech Fotosausstellung vum zäitgenösseschen Landschaftsfotograf Alfred Seiland iwert d'Iwereschter vum Réimësche Räich



**21.30 Auer*****: Coup de Coeur vum Designer Christophe de la Fontaine:*** Well dëst Joer d'Nuit des Musées am Zeechen vum Design ass, kritt dëse modernen Lëtzebuerger Designer deen sech zu Meiland niddergelooss huet, dëst Joer d'Geleenheet fir de Musée aus séngem Bléckwënkel eraus ze präsentéieren.

**22.00 Auer**: Arrivée am ***natur musée*** an d'Geleenheet fir sech bei engem gudden Teller Gulasch- oder Kürbiszopp ze stärken.



**22.30 Auer**: Präsentatioun vum Nuetshimmel mat all sénge Stären a Planéiten am mobile ***Planetarium*** vum natur musée, sou schéin, däitlech, kloer an drëchen wéi een e seele gesäit.

Anschliessend: Ofschloss vum Owend beim Hirsch mat cooler Life-Musek vum Gerd Wehring

**Präis fir den ganzen Owend: 25 €**

*Bracelet Passe-Partout, visites guidées, appéro, Gulaschzopp an e Glas Wäin abegraff*

**Sidd der interesséiert, da mellt iech w.e.g. un , entweder op frenn@mnhn.lu, oder per Telefon um 462233-1 bis spéitstens Donneschdes owes den 9. Oktober 2014 an iwerweist anschliessend den entsprechende Betrag op eise Postscheckkonto: IBAN LU53 1111 0746 5259 0000**

**Mat beschte Gréiss vum Comité** **Geneviève Faber, Sekretärin**

**Les Amis du Musée National d'Histoire Naturelle a.s.b.l. 25 rue Münster L – 2160 Luxembourg**
**tél.(+352)462233-1 fax : (+352)47 51 52 IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 frenn@mnhn.lu**